LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3895 vum 9. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Jetons de présence dans les communes".**

1) **Wéi héich sinn d'Jetons de présence aktuell an de verschiddene Gemengen zu Lëtzebuerg a kann de Minister eng Iwwersiicht no Gemeng ginn?**

Den Artikel 27 vum ëmgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gesäit vir, datt de Gemengerot Jetons de présence fir d'Membere vum Gemengerot an och vun de consultative Gemengekommissioune festleeë kann.

Wëll dës Decisioune kengem Kontrollmechanismus ënnerleien, verfüügt den Inneministère iwwer keng Informatioune wat d'Héicht vun de Jetons de présence an de jeeweilege Gemengen ugeet.

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden